N° 443
Entrée le 13.06.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 13te Juni 2023 wéilt ech dem Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa eng mëndlech Fro stellen.

Duerch d'Zerstéierung vum Kakhovka Damm si vill Mënschen Affer vun de Waassermasse ginn a villes gouf zerstéiert. An deem Kontext huet d'Ukrain eng urgent Ufro fir international humanitär Hëllef bei dem *Euro-Atlantic Disaster Response Coordination Centre (EADRCC)*gemaach. Esou froen si ënnert anerem Waassertanken, Booter a Rettungsweste fir de Leit op der Plaz kënnen ze hëllefen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wat fir Hëllefen huet Lëtzebuerg der Ukrain ugebueden a wat fir eng Hëllefe wäerte mir der Ukrain zoukomme loossen?
Wat fir Hëllefe loossen aner Länner der Ukrain an deem Kontext zoukommen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten